



**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6005 vum 30. Mäerz 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här André Bauler an Här Max Hahn iwwert "Abandon des déchets sauvages dans la nature"**

**Ëmmer nees gesäit een an der Natur Plazen op deenen Dreck ofgelagert gouf. Dat geet vu Bauschutt, iwwer al Miwwel a Géigestänn bis iwwer organesch Offäll.**

**1. Kann d'Madamm Umweltministesch eis soen wéi vill där Fäll an de leschte fënnef Joer entdeckt goufen?**

Verschidden Instanze kënnen intervenéiere wann an der Natur illegal Offall ofgelagert gouf. Nieft der Ëmweltverwaltung sinn och d'Police an Douane autoriséiert Verstéiss géint d'Bestëmmunge vum modifizierten Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 z'ënnersichen an ze notéieren. Weiderhi gëtt den Artikel 20§5 vum genannten Offallgesetz de Gemengen d'Responsabilitéit fir d'Kollekten an d'Behandlung vun Hausoffäll, hausoffällänlech Offall a Sperrmüll, déi sech op eng onkontrolléiert Aart a Weis op hirem Territoire erëmfannen. Eng Ausnam ass hei virgesi fir wann Offäll sech laanscht Stroossen befanne, fir där hiren Entretien d'Stroossebauverwaltung zoustänneg ass.

Wann et sech ëm illegal déposierten Offall an der Gréngzon handelt, kann och d'Naturverwaltung verstänneg ginn. Laanscht d'Gewässer ass d'Waasserwirtschaftsamt zoustänneg. Genee Zuele leie leider net vir.

Wat déi méi kleng Quantitéite vun Offall an der Natur ugeet, de sogenannte Littering, deen awer mengem Verständnis no net vun dëser Fro viséiert war, mécht d'Ëmweltverwaltung reegelméisseg Analyse fir ze bestëmme wéi eng Zorten Offall an der Natur landen. D'Resultater aus dësen Etüden erméiglechen et da gezielt Mesuren ze ergräifen, wéi zum Beispill déi verschidde Sensibilisatiounscampagnen déi an de leschte Joren gemeet goufen. Esou Studie sinn an de Joren 2008 an 2015 gemaach ginn. Déi detailléiert Resultater fënnt een hei: <https://environnement.public.lu/fr/offall-ressourcen/types-de-dechets/Littering.html>. Et ass geplangt nach dëst Joer eng weider Etüd ze maachen.

**2. Gëtt et an där Problematik regional Ënnerscheeder?**

Dozou ginn et keng Informatiounen.

**3. A wéi ville Fäll konnten d'Auteure vun dësen Delikter identifizéiert ginn?**

Dozou ginn et keng Informatiounen.

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2022  
(s.) Joëlle Welfring  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung